ArcelorMittal

ArcelorMittal Belval & Differdange

Site d'Esch Belval

Secteur Maintenance Train 2

Poste vacant

Site	:	ArcelorMittal, Belval	Date	:	22/08/2019
Service	:	Strooss 2			
Objet	:	Responsable de Zone en maintenance			

Posten: Responsable de Zone (RZ) finissage
An der Maintenance ass d'Walzstrooss an 3 Zoonen agedeelt (Laminoir (waarmen Deel), Finissage (kaalen Deel) an Kraanen). De Finissage op der Walzstrooss ass déi Zoon, ab de Killbetter (wou déi waarem Produkter déi aus dem Walzprozess kommen oofkillen) bis hin zur Expeditioun (wou déi fäerdeg Produkter op Camion'en an Zich verluede ginn).

Beschreiwung: den RDZ ass den Haaptverantwortlechen fir sämtlech Maintenance-Aarbechten (Instandhaltung/Wartung) a senger Zoon. Heivir steet him eng Equipe vu Leit zur Verfügung déi sech wéi folgt opstellt:

- Responsable Technique de Zone (RTZ): 1x mechanesch an 1x elektresch
    - Si treffen déi technesch Choix'en, setzen d'Prioritéiten an si verantwortlech fir d'Equipe an der hir Aarbecht (korrekt Beschreiwung an Ausféierung)
- Préparateur (techneschen Assistent) : 1x mechanik an 1x elektresch
    - Ënnerstinn direkt dem jeweilegen RTZ an iwwerhuelen haaptsächlech d'Roll fir d'Sous-traitant'en ze guidéieren an Devis'en an technesch Dossier'en ze preparéieren fir Aarbechten.
- Mechaniker an Elektriker (Unzuel variéiert vun Zoon zu Zoon)

Den RZ ass verantwortlech fir de Management vum Personal, déi allgemeng Organisatioun (Priorisiérung) vun der Zoon, d'Koordinatioun mat der Produktioun an den aaneren Zoonen souwéi d'Anhaale vum Budget.

Viiraussetzungen: Ausdauer, Talent fir Kommunikatioun a Koordinatioun, Kompetenzen am technesche Beräich (Liesen vun techneschen Zeechnungen/elektreschen Schemata, Verständniss fir technesch Problemer…). Keng Angscht knaschteg ze ginn. Méisproochegkeet ass en eendeitege Viirdeel.

Alldaagssprooch ass Franséisch dofir sollt och d'Bewerbung op Franséisch gehaale ginn.

Bewerbungen (CV a Motivatiounsbréif) kënnen un pierre.schumann@arcelormittal.com geschéckt ginn.